

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

An deene leschte Woche si vum Schoulministère grouss Ustregungen ënnerholl ginn, fir ukrainesch Flüchtlingkanner ze scolariséieren. Dobäi goufen och keng Beméiunge gescheit, fir ukrainescht Léierpersonal ze rekrutéieren. Leider goufen an deem Zesammenhank bedenklech bürokraatesch Prozeduren applizéiert. Déi ukrainesch Pedagoge goufen, wéi am *tageblatt* vum 21. Abrëll nozeliere war ("*En français, svp!*"), virun administrativ Hürde gestallt, déi am Hibléck op d'Erausfuorderung, déi et ze stemme gëllt, nämlech d'Scolarisation vun honnerte vu Flüchtlingkanner, kaum novollzéibar sinn.


D'Léierpersonal aus der Ukrain huet missen eng Hellewull vun Dokumenter ënnerschreiw, déi all op Franséisch verfaasst waren, eng Sprooch, déi vun deene mannste Ukrainer verstane gëtt. Doriwwer eraus gouf dat ukrainescht Léierpersonal ugehalen, all hir Diplomer iwwersetzen, homologéieren a registréieren ze loossen, wat pro Dokument méi wéi 250 Euro kascht. Dobäi kënnt, datt am Lëtzebuenger Schoulsystem deen éischte Salaire réischt no dräi Méint ausbezuelt gëtt, wat dat ukrainescht Léierpersonal virun zousätzlech finanziell Problemer stellt.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

- 1) Firwat goufen dem ukrainesche Léierpersonal déi administrativ Dokumenter, dorënner och den Aarbechtskontrakt, a franséischer Sprooch presentéiert, wuelwëssend, datt de gréissten Deel vun deene Persoune kee Franséisch kann? Firwat ass een an deem Kontext dem ukrainesche Léierpersonal net entgéintkomm an huet hinnen dës Dokumenter op Englesch virgeluecht?
- 2) Wat d'Ausstelle vu Kontrakter ugeet, stellt sech och eng méi allgemeng Fro: Firwat gi beim Lëtzebuenger Staat de gréissten Deel vun de Kontrakter just eesproocheg op Franséisch ausgestellt, ouni Iwwersetzung?
- 3) Firwat ginn an deem Kontext déi dräi administrativ Sprooche Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch net gläichwäerteg genotzt a behandelt?
- 4) Wéi steet den Här Minister zur Iwwerleeung, datt et net nëmme méi pragmatesch, mee och méi fair wier, deenen ukrainesche Léierpersounen d'Sue fir d'Iwwersetzung,

d'Homologatioun an d'Registréierung vun hiren Diplomer virzestrecken a si wéinst der dramatescher Situatioun, an där si sech befannen, scho vum éischte Mount un ze bezuelen?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, appearing to be 'Fred Keup', written in a cursive style.

Fred Keup,
Deputéierten